

# SYN- ER- GIE

Mee 2020 / n°56

De Regionalmagazin Atert-Wark vum Kanton Réidener



Syndicat Intercommunal  
"De Réidener Kanton"



# mBOX

**LES PARKINGS  
SÉCURISÉS  
POUR VÉLOS !**

Découvrez votre emplacement  
sur votre chemin sur  
[www.m-box.lu](http://www.m-box.lu)



verkéiers  
verbond

**LOOSS ET RULLEN**

# SOMMAIRE

## IMPRESSUM

Rédaction, direction artistique,  
illustration, mise en page  
& suivi de production  
Art & Wise s.à r.l.

Editeur responsable  
Art & Wise s.à r.l.

Impression  
Imprimerie Reka s.a.

Renseignements  
& réservations  
T 23 62 43-20  
info@artandwise.lu

© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute  
reproduction, ou traduction,  
intégrale ou partielle, est  
strictement interdite sans  
autorisation écrite au  
préalable de l'éditeur.

Prochaine parution  
juillet 2020

Clôture annonce  
mi-juin 2020

Tirage  
11.666 exemplaires

Magazine régional d'information  
bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l.  
en collaboration avec le Syndicat  
Intercommunal du Réidener  
Kanton et le Groupe d'Action  
Locale Leader Atert-Wark.



Fonds européen agricole pour le  
développement rural: l'Europe  
investit dans les zones rurales.

2 **SHOP LOCAL  
AKTIOUN SOLIDARITÉIT  
KANTON RÉIDEN**

5 **THE BIKE SIDE OF LIFE**



6 **WANDPARK  
KANTON RÉIDEN**

9 **5G - WAT STÉCHT  
DERHANNERT?**

10 **„HIER WERDEN  
WIR ZU EXPERTEN!“  
ENTSTEHUNG VON  
4 INKLUSIVEN  
TOURISMUSANGEBOTEN  
IM REDINGER KANTON**

12 **WWW.GRINGGO.LU  
DE REGIONALEN  
ONLINE SHOP**

14 **KLIMA-INTERVIEW  
GEMENG SËLL**

16 **KLIMAFRËNDLECH  
AKTIVITÉITEN AN DER  
SËLLER GEMENG**



18 **MAM VËLO AN DEN ALR**

19 **MOBILITY NEWS  
NEIT BUS-NETZ**

22 **GEWÄSSERVERTRAG  
ATTERT / CONTRAT DE  
RIVIÈRE ATTERT  
ECH IESSEN BLUMMEN**

26 **NATURA 2000  
DAS NATURSCHUTZ-  
GEBIET WOLLEFSBAACH**

28 **ENERGIEATELIER  
GRATIS / GRATUIT  
CRASH-COURSE**




30 **ENERGIEATELIER  
CRASH-COURSE  
RÉNOVATION**

33 **NATURBAUSTOFF  
RÉIDEN ASS OP**



36 **MERTZIG4ALL - YOGA AN  
DER MÄERZEGER SCHOUL**

38 **AGENDA**



# SHOP LOCAL

## AKTIOUN SOLIDARITÉIT KANTON RÉIDEN

D'Solidaritéit ass bei eis am Kanton Réiden Tradition. T'ass genee dat, wat eis ausmécht! Duerch déi fräiwëlleg Kollaboratioun tëscht eisen 10 Gemengen hu mir villes erreecht an ëmgesat. Zesummen.

Dat ass elo, an Zäite vum Coronavirus nitt vill anescht. Sou hunn eng Partie vun eise Gemengen direkt, ouni vill medialen Tamtam de Betriber d'Loyere bis op Weideres gelooss, fir dës schwierig Zäite kënnen z'iwwerbrécken. Et goufe Servicer mat kommunalem Personal ewéi Educateuren a Fräiwëlleger op d'Bee gestallt, fir vulnerabel Bierger mat Akeef ze versorgen oder Trouscht um Telefon ze spenden.

Eng weider solidaresch Aktioun koum vum De Kär a.s.b.l: „Solidaresch duerch d'Kris“, wou de Konsument duerch d'Akaf vu Bongen eis lokal Betriber finanziell ënnert d'Äerm gräife kënnen, bis se nees kënnen opgoen ([www.beki.lu](http://www.beki.lu)). Mee och eenzel Bierger woren zolidd aktiv an hunn anerer matgerappt fir mat unzepaken: „Bitzmadammen/hären“ ass zum Beispill eng vun deenen Aktiounen, wou am grouse Stil Stoff gesammelt, a Masken dermat gebutt goufen a ginn, fir d'Personal am Gesondheets-secteur ze depanéieren.

Enkpäss hunn sech iwwerall bemierkbar gemaach. Vum OP-Sall bis am Rayon vun de Supermarchéen... Eng super Reaktioun hat e.a Peintures Robin vun Useldeng. A Plaz Faarwen hunn Sie a Rekordzäit d'Produktioun op Desinfizéiergel ëmgestallt. Mir erliewen elo mat Haut an Hoer, wéi fragil eise Wirtschaftssystem ass. Et gëllt no der Kris eis Ekonomie méi resilient ze gestalten. An hei spillen eis lokal Produzenten an Händler eng wichteg Roll. Onkonventionell Iddien hunn eis am Kanton Réiden schonn an der Vergaangenheet weiderbruecht. Mir sollen dës Kris notze fir festgetréppelt Weeër ze verlossen a nei Léisungen ze sichen, an dat zesummen.

Op der Facebook-Säit vum Kanton Réiden & op [www.reidener-kanton.lu](http://www.reidener-kanton.lu) hu mir eis „Aktioun Solidaritéit Kanton Réiden: Shop local“ lancéiert mat enger permanent aktualiséierter Lëscht vu lokale Betriber, déi „den Ëmstänn entspreichend“ op sinn, Take-Out oder Liwwerunge proposéieren. Grad elo an och nom Virus si Sie op eis Ënnerstëtzung ugewisen.



Syndicat Intercommunal  
„De Réidener Kanton“

Syndicat Intercommunal  
„De Réidener Kanton“  
11, Grand-Rue  
L-8510 Redange/Attert



Useldange



Rammerich



Groussbus



Réiden

## SHOP LOCAL ACTION SOLIDARITÉ DU CANTON DE REDANGE

La solidarité a une longue tradition dans notre canton de Redange. C'est cette vertu qui nous distingue. Grâce à la collaboration volontaire entre nos dix communes, nous avons pu réaliser ensemble de grands projets.

*Actuellement, en ce temps de crise déclenché par le Covid-19, c'est guère différent. Nous maîtriserons cette période difficile ensemble. La suspension des loyers aux sociétés locataires de nos immeubles était une des premières mesures prises sans tam-tam par la majorité de nos communes membres. Cette mesure reste applicable jusqu'à la reprise de leurs activités. Un service constitué du personnel communal ainsi que de volontaires a été mis en place dans un bon nombre de communes pour subvenir aux besoins de nos citoyens les plus vulnérables (achats, réconfort au téléphone...). Une autre action de solidarité a été lancée par l'a.s.b.l. De Kär, qui gère notre monnaie locale Beki: „La solidarité à travers la crise“. Il s'agit de la mise à disposition de bons d'achat pour les consommateurs qui désirent soutenir nos magasins locaux durant la crise ([www.beki.lu](http://www.beki.lu)).*

*Le confinement a aussi déclenché une vague de solidarité spontanée auprès des citoyens. Un exemple est l'équipe „Bitzmadammen/hären“ qui, par les réseaux sociaux, a collecté des tissus pour coudre un nombre important de masques, permettant ainsi de dépanner le secteur de la santé publique.*

*De la salle d'opération aux rayons des supermarchés, des pénuries se sont manifestées un peu partout. Peinture Robin d'Useldange a montré de la créativité en adaptant en un temps record sa production pour fournir du gel désinfectant.*

*Dans cette crise nous ressentons personnellement la fragilité de notre système économique. Il s'agit maintenant de rendre notre économie plus résiliente et de soutenir encore davantage nos producteurs et commerçants locaux. Des idées non conventionnelles ont toujours fait progresser notre canton! Ce n'est pas la crise qui nous détruira, c'est la peur d'entamer des nouveaux chemins. Cherchons donc ensemble des solutions qui renforcent notre résilience!*

*Nous vous demandons de prendre note de notre action „Aktioun Solidariteit Kanton Réiden: Shop local“. Informez-vous sur la page Facebook et le site internet du Kanton Réiden où vous trouvez une liste actualisée des entreprises opérationnelles avec leurs services de livraison ou take-out. Elles ont besoin de notre soutien maintenant, mais aussi une fois que nous aurons retrouvé une certaine normalité au quotidien.*

# SHOP LOCAL

## Aliments de base

### BECKERICH


#### Biekerecher Geméisgaart

T 691 197 748

 Biekerecher Geméisgaart  
F&L

#### Boulangerie Beim Bäcker Jos

T 23 62 14 79

 /  Beim Bäcker Jos  
P / AG / O

#### Gringgo

T 671 025 650

 /  Gringoo  
F&L / AG / V

#### Leeweler vun der Wiss

T 661 881 204

 Leeweler vun der Wiss  
O

#### Coopérative Vun der Atert

T 661 349 189 - www.vunderatert.lu

 Vun der Atert sc  
F&L / V

### BETTORN

#### Boulangerie Jos & Jean-Marie

T 23 62 92 87 - www.jjm.lu

 Jos & Jean-Marie -  
Boulangerie et Pâtisserie  
P / F&L / AG / O

### COLPACH-HAUT

#### Koulbicher Uebst a Geméis

T 621 629 300

 Koulbicher Uebst a Geméis  
F&L / O

### HOVELANGE

#### Wildwildwest Beef

T 621 25 52 72

www.alpakatrekking.com

 /   
O / V

### NIEDERPALLEN

#### Méllech Tankstell Sangers-Majerus

 Méllech Tankstell bei Sangers-  
Majerus zu Nidderpallen  
F&L / O

### OBERPALLEN

#### Pall Center Oberpallen


T 23 64 41 - www.pallcenter.lu

 /  Shopping Village Pall Center  
P / F&L / AG / O / V

### RAMBOUCH

#### Boulangerie Jos & Jean-Marie

T 23 64 01 93 - www.jjm.lu

 Jos & Jean-Marie -  
Boulangerie et Pâtisserie  
P / F&L / AG / O

### REDANGE

#### Boucherie & Partyservice Mathieu

T 23 62 05 77

www.boucherie-partyservice.com  
V

#### Cactus

T 28 28 90 19 - www.cactus.lu

P / F&L / AG / O / V

#### Réidener Spënnchen

T 23 62 10 76 - www.spennchen.lu

 /  Réidener Spënnchen  
P / F&L / AG / O

### REIMBERG

#### Rëmmereger Geméis

 Rëmmereger Geméis an Neipéitsch  
F&L / O

### ROMBACH-MARTELANGE

#### Delhaize

T 23 64 10 63 1 - www.martelange.lu

P / F&L / AG / O / V

### SAEUL

#### Boulangerie Beim Bäcker Jos

T 23 62 14 79

 /  Beim Bäcker Jos  
P / AG / OX

### USELDANGE

#### Epicierie Jil's Treff

T 28 77 75 54

 /  Jils Treff  
P / AG / O

#### Pall Center Useldange

T 26 61 08 71 - www.pallcenter.lu

 Shopping Village Pall Center  
P / F&L / AG / O / V

## Restaurants Take-Away & Livraison

### COMMUNE ELL

#### Cuisine Royale

Ell - T 26 62 06 23

www.cuisineroyale.lu



### COMMUNE GROSBOS

#### Beim Abruzzebier

Grosbos - T 26 88 11 25

www.beimabruzzebier.lu

 /  /  Beim Abruzzebier

### COMMUNE PRÉIZERDAUL

#### New Hongkong Préizerdaul

Platen - T 23 62 90 22

 /  Chinois New Hong Kong




### COMMUNE REDANGE

#### Barnum

Redange

T 691 118 504 / 26 62 13 33

www.barnum.lu

 /  /  Barnum - Greatest  
show in Luxembourg

#### Restaurant Piperis

Reichlange - T 26 62 57 97

www.piperis.lu

 /  Piperis Restaurant-Pizzeria

#### New Relais Postal

T 26 21 10 05 / 621 22 10 45

 /  /  The New  
„Relais Postal”

#### Traiteur-service Mathieu

Redange - T 23 62 05 77

www.boucherie-partyservice.com



### COMMUNE RAMBOUCH

#### Pizzeria Duerfkrou

Folschette - T 26 62 12 51

 /  /  Pizzeria Duerfkrou

#### Restaurant Il Diablo

Martelange - T 26 61 56 02

 /  Il diablo Martelange

#### Restaurant-Brasserie Napoleonsgaart

Koetschette - T 26 61 59 75

 /  /  Restaurant-Brasserie  
Napoleonsgaart

### COMMUNE SAEUL

#### Beim Cedric

Saeul - T 26 61 06 08

 /  /  Beim Cédric

#### Restaurant Schweebecherbréck

Schwebach - T 691 32 89 75

www.schweebach.lu

 /  /  Schweebecherbreck

### COMMUNE USELDANGE

#### Péitche Lauer

Useldange - T 28 13 721

www.peitchelauer.lu

 /  /  Péitche Lauer

#### Restaurant Um Wier

Useldange - T 23 63 92 88

www.restaurant-umwier.lu

 /  /  Café Restaurant  
Pizzeria UM WIER

### COMMUNE WAHL

#### De klenge Randschelter Bistrot

Rindschleiden - T 621 50 37 10

 /  De 'klenge' Randschelter  
Bistrot „MiRo”


P = Pains

F&L = Fruits/Légumes

AG = Alimentation générale

O = Oeufs

V = Viande

 = Livraison

 = Take Away

 = Beki Bongen

Si vous souhaitez acheter des bons de solidarité, écrivez un mail à [info@beki.lu](mailto:info@beki.lu) pour avoir plus d'information. La liste complète des commerces (y inclus du secteur non alimentaire) se trouve sur [www.beki.lu/nejegkeeten](http://www.beki.lu/nejegkeeten).

Vous n'apparaissez pas sur la liste ou y a-t-il une erreur, veuillez-nous contacter:

[shop\\_local@reidener-kanton.lu](mailto:shop_local@reidener-kanton.lu)



Syndicat Intercommunal  
"De Reidener Kantoun"



# THE BIKE SIDE OF LIFE

Mam E-Bike duerch de Kanton Réiden! Et ass déi perfekt Zäit fir vun eisem super regionale Vëlosnetz ze profitéieren an eis wonnerschéi Landschaft vum Drotiesel aus z'entdecken. Dir kommt laanscht Plazen, déi Iech den Otem huelen!

Zemools elo am Fréijoer, wou alles erwächt. Dir wäert Iech wuel wonneren, wéi vill herrlech verstoppte Plazen sech virun Iech opdinn. Déi puer Montéeë sollen Iech och nitt am Wee stoen. **Lount bei eis e Pedelec E-Bike fir 22 €/Beki den Dag!** Esou kënnt Dir Ären Ausfluch

ouni vill Méi an a vollen Zich ze genéissen. Dës Offer gëllt vum Juni bis September 2020, nëmmen wann d'Situatioun ronderëm de Covid-19 et zouléisst. Mir proposéieren Iech eis 3 ausgeschéldert Vëlostier am Kanton Réidener:



**Gratis Vëloskaarte kritt Dir an der TouristInfo Atert-Wark!**



## Jhangeli West Tour

Distanz: 11 km  
Schwierigkeetsgrad: liicht  
Recommandéiert fir Famillje mat Kanner ab 7 Joer  
Propositioon fir den Startpunkt: Biekerecher Millen 103, Huewelerstrooss L-8521 Biekerich



## Dällchen West Tour

Distanz: 26 km  
Schwierigkeetsgrad: mëttel  
Recommandéiert fir Famillje mat Kanner ab 12 Joer  
Propositioon fir de Startpunkt: Useldenger Bueg 1, am Millenhaff L-8706 Useldeng



## Wisen West Tour

Distanz: 36 km  
Schwierigkeetsgrad: schwéier  
Recommandéiert fir geüübte Vëlofuerer oder Pedelecs  
Propositioon fir de Startpunkt: Réidener Schwämm 28, rue de la Piscine L-8502 Réiden

„Fir Är Sécherheet ze garantéieren, hale mir eis streng un Hygiènes- a Sécherheitsmoosname beim Ofhuelen an dem Zeréckbréngen vun de Pedelecs. D'Pedelecs ginn desinfizéiert a mir halen eis un den Sécherheitsofstand.“





Source: Soler S.A.

Présentation publique du 2 mars 2020. Deux ans après la première présentation publique du projet éolien dans le Canton de Redange, la SOLER S.A. en partenariat avec le Syndicat Intercommunal „De Réidener Kanton“ présentent l’avancement aux habitants.



Syndicat Intercommunal  
„De Réidener Kanton“



Syndicat Intercommunal „De Réidener Kanton“ [info@reidener-kanton.lu](mailto:info@reidener-kanton.lu) [www.reidener-kanton.lu](http://www.reidener-kanton.lu)  
Soler S.A. [info@seo.lu](mailto:info@seo.lu) [www.soler.lu](http://www.soler.lu)



## Pourquoi une nouvelle présentation publique du projet?

SOLER et le Syndicat Intercommunal „De Réidener Kanton“ ont souhaité présenter les résultats des études d'impacts (humain et nature) ainsi que les caractéristiques du parc éolien avant d'introduire les demandes d'autorisation officielles.

## Où en sont les études d'impacts et les demandes d'autorisation?

**Les études d'impacts possibles sur l'environnement humain et sur la protection de la nature sont terminées** et l'administration compétente pourrait, d'ici quelques semaines, confirmer que les dossiers rendus sont bien complets.

Une fois cette confirmation reçue, les demandes d'autorisation pourront être introduites.

Ces autorisations sont les suivantes:

- > **Autorisation d'exploitation:** (procédure Commodo/Incommodo) Elle fixe les conditions d'aménagement et d'exploitation qui sont jugées nécessaires pour la protection de l'environnement et pour garantir la sécurité des salariés, du public et du voisinage en général.
- > **Autorisation Conservation de la Nature**
- > **Autorisation de bâtir**

**C'est durant l'enquête publique Commodo/Incommodo que la population aura officiellement la possibilité de consulter tous les dossiers** du projet et de faire part de ses remarques ou réclamations. Les dossiers seront consultables auprès des administrations communales.

## Quelles sont les principales conclusions de ces études et y-a-t-il des conséquences sur le projet des éoliennes?

Du point de vue acoustique et de l'ombrage, les études montrent que **les éoliennes resteront largement sous les limites autorisées** en raison de l'importante distance entre les éoliennes et les habitations les plus proches.

Du point de vue de la conservation de la nature, plusieurs espèces d'oiseaux et de chauves-souris protégées ont été identifiées dans les secteurs prévus pour les éoliennes.

Pour 5 des 6 éoliennes prévues, des mesures environnementales permettront d'éviter tout impact négatif.

**L'éolienne planifiée au nord d'Ospem, est quant à elle retirée du projet** car le risque de conséquences négatives sur ces espèces sensibles resterait présent même avec de nombreuses mesures d'atténuation.

## Quelles sont les caractéristiques des éoliennes et où seront-elles installées?

Le fabricant et le modèle précis des éoliennes ne sont pas connus car la procédure d'appel d'offre n'est pas clôturée.




Environ 180 personnes étaient présentes pour s'informer sur le projet



De gauche à droite, les représentants de la SOLER (Maxime KAUFF, Guy UHRES, Paul ZEIMET), du Syndicat Intercommunal „De Réidener Kanton“ (Thierry LAGODA) et des communes où sont prévues les éoliennes (Armand SCHUH, Myriam BINCK, Henri GEREKENS)

## Les caractéristiques proposées sont les suivantes:




## Les sites retenus pour les demandes d'autorisations:




En 2018, sans les éoliennes le Canton de Redange atteignait une production d'électricité renouvelable locale équivalente à 45% de la consommation.


## Part de la production d'électricité renouvelable dans le Canton de Redange




### Avec des éoliennes de 138 m de diamètre



### Avec des éoliennes de 115 m de diamètre



## Planning du Projet Wandpark Réiden



## Et quelle production d'électricité pourrait-on espérer?

**Avec 5 éoliennes d'un diamètre de 138 m, le Canton produirait sur son territoire, autant d'électricité renouvelable qu'il n'en consomme!**



Exemple photomontage depuis Lannen

Source: Soler S.A. - CSD ingénieurs

## Et comment les citoyens pourront-ils participer financièrement dans le parc éolien?

**La part du Syndicat du Canton de Redange dispose actuellement de 40% de l'actionariat.**

Après une année de fonctionnement, et vérification que la rentabilité espérée se confirme dans la réalité, **une partie des actions des 10 communes va être mise à disposition des habitants.**

Il reviendra alors à chacune des communes de définir de quelle façon elle fera profiter ses habitants des retombées financières positives du parc éolien (Ex: vente d'actions aux habitants, utilisation des bénéfices pour des actions ou des associations locales, ...)

Les détails de cette participation seront définis durant les prochains mois par les responsables politiques et une présentation publique sera organisée pour informer les citoyens en toute transparence.

## Quel est le planning et quand peut-on espérer voir les éoliennes produire de l'électricité?

Si les autorisations sont obtenues d'ici la fin de cette année 2020, il est réaliste d'espérer une première **production d'électricité pour la fin 2021.**



# 5G – WAT STÉCHT DERHANNERT?

Op eisem 2. Diskussiounsowend vum 27. Februar ass et iwver d'Digitalisatioun riets gaangen. Wéinst akutem Schnéifall wor den Undrang leider net grouss. Mee d'Diskussiounen woren dofir ëm sou méi interessant!



Fernand Muller

Ënnert de Participante wor och de Fernand Muller aus dem Préziderdaul. Hien beschäftegt sech beruflech mat dësem Thema, a konnt eis deemno eng Parti Froe beäntferen.

## Wat genau ass 5G?

5G ass eng nei Entwécklung, d'Dateverarbechtung, d'Synchronisatioun an d'Prozesser am Hannergrond fonctionéiere ganz anescht wéi am 4G-Netz. 5G huet eng kuerz Latenzzeit, a ka méi Date verschaffen an iwverdroen. 5G kritt 2 nei Frequenzen: 700 MHz an 3,6 GHz.

## Firwat geet 4G net duer?

4G geet net duer wéll d'Latenzzeit, déi Zäit déi vergeet tëscht der Fro vum engem Handy an der Äntwert op déi Fro, vill ze grouss ass fir autonomt Fueren ze steieren. Et gëtt sech erwaart, datt den Datentransfer an de nächste Joren enorm klëmmt, 4G kann do net mathalen.

## Wat wäert de normale Bierger dovunner hunn?

Mat 5G komme vill nei Uwendungen, déi eist Liewe wäerte veränneren, am Alldag, am Autosverkéier, am medezinesche Beräich, déi eis hëllef Energie ze spueren, déi hëllef manner Zäit ze verléieren, déi eis hëllef op eis Ëmwelt opzepasst an déi eis nei Méiglechkeeten an der Informatioun, an der Ënnerhaltung an am Gaming ginn.

## Firwat d'Bedenke vun de Géigner?

D'Bedenke kommen dohier, datt gefaart gëtt datt d'Unzuel vun den Antennen géif erop goen an d'Expositioun vun elektresche Felder méi héich wäert ginn.

## Mécht eis dës Stralung wierklech krank?

Et gëtt vill Recherche gemaach an et ginn Etüden, déi Auswierkungen op de Mënsch beschreiwen an anerer déi keng Auswierkun-

gen erkennen. Dat ass awer ëmmer zesumme mat der Stärkt vun der Stralung ze kucken. D'Grenzwärter fir d'elektresch Felder vum Handy si 25 mol méi héich, wéi déi fir d'Basisstatiounen. Duerfir seet d'Weltgesundheitsorganisatioun (WHO) datt d'Strale vum laangen Telefonéiere mam Handy potentiell gesondheets-schiedlech kéinte sinn. D'WHO seet awer och datt mat den Informatiounen vum haut vum de Basisstatiounen keng Auswierkungen op de Mënsch erkennbar wieren, et muss awer weider gefuerscht ginn.

## Wéi gesäit et zu Lëtzebuerg mat de Pläng fir 5G aus?

Wéi an der ganzer EU steet och Lëtzebuerg an de Startlächer fir de 5G.

## Wat ass är perséinlech Meenung zum 5G?

Mam 5G sti mir virun enger digitaler Revolutioun, déi eis vill Méiglechkeete gëtt. Et läit u jidderengem selwer fir säi perséinlechen Notzen doraus ze zéien. Mir müssen nach léiere mat Big-Data eens ze ginn, ech hunn awer keng Angscht wéll ech a ville Beräicher „Nee“ soe kann. Wann ech haut keng Zeitung liese wéll, da liesen ech keng. Ech muss fir mech selwer decidéiere wéi ech mat der Technik ëmginn an dat heescht och alt mol den Handy ausmaachen.

Mir soen de Participante Merci fir hiere spannenden Input an och dem Här Fernand Müller fir d'Informatiounen iwwert den 5G.

**Wéinst der aktueller Corona-Pandemie fënnt de nächsten Diskussiounsowend réischt spéider statt. Mir deelen Iech de neien Datum an der nächster Synergie mat.**



Syndicat Intercommunal  
„De Réidener Kanton“

Syndicat Intercommunal  
„De Réidener Kanton“  
11. Grand-Rue  
L-8510 Redange/Attert



# „HIER WERDEN WIR ZU EXPERTEN!“

## ENTSTEHUNG VON 4 INKLUSIVEN TOURISMUSANGEBOTEN IM REDINGER KANTON.

Die neu gegründete Testgruppe von Op der Schock aus Redingen besteht aus Mitarbeiter(n)/Innen mit intellektueller Beeinträchtigung. Mit ihrer Hilfe werden touristische, regionale Angebote für Besucher getestet und entwickelt – ein spannendes und emotionales Projekt, welches eine große Lücke im „Tourismus für Alle“ füllt...



Spannende Erlebnisse Unter Tage im Schiefermuseum von Obermartelingen.  
© Frënn vun der Lee



**OP DER SCHOCK** asbl et sc  
34a, Route de Reichlange  
L-8508 Redange  
T 26 62 93-1  
F 26 62 93-40  
info@ods.lu  
www.opderschock.lu



**Zesumme**  
gi mir méi wäit

„**Wéini fuere mir?**“ Die wachsende Vorfreude ist in der Testgruppe zu spüren! Punkt 9 verlässt dann der Minibus das Gelände vom Atelier protégé Op der Schock in Redingen... auf nach Rindschleiden! In der malerischen Thillenvogtei soll die Gruppe heute im Rahmen des Mikroprojekts „Inklusiver Tourismus“ (gefördert im Rahmen des LEADER-Projekts „Sozialwierkstat - Schirmprojekt“), eine geführte Besichtigung testen.

Und darauf hat man sich bei der Schock gut vorbereitet. Folgende Themen - vorab besprochen und auf einem Fragebogen festgehalten - wollen die **6 Teilnehmer und zwei erfahrene Begleiterinnen** aus den beiden Servicebereichen „Freizeit“ und „Tourismus“ bei der Tour heute genauer unter die Lupe nehmen:

- > **Hat der Guide verständlich erklärt?**
- > **War das Thema der Tour interessant?**
- > **War die Tour anstrengend zu gehen?**
- > **Konnte man etwas Praktisches ausprobieren?**

Auch die **Länge der Tour**, die **Beschilderung** und **Zugänglichkeit** vor Ort aber auch die **Toiletten** wurden bei dieser Testtour beachtet.

Eigentlich doch alles Fragen und Themen, die bei **allen** Touristen wichtige Punkte für ein interessantes, entspanntes und unvergessliches Reiseerlebnis sorgen sollten. Was aber nun wird von einem Guide bei geführten Touren für Menschen mit intellektueller Beeinträchtigung besonders gefordert?

Menschen mit dieser Beeinträchtigung haben zum Beispiel **Schwierigkeiten, sich in vergangene Zeiten hineinzudenken** („Im Mittelalter wurde...“, „vor 300 Jahren hat man...“).

Mit Hilfe verschiedener Möglichkeiten der sogenannten **Leichten Sprache** können Guides diesen Besuchern eine Vorstellung, eine Ahnung davon vermitteln, wie Menschen früher gelebt haben.

**Elisabeth Ney von der Thillenvogtei** nutzt dafür die **Methodik der Schauspielerei und der Kostümierung**. Mit vielen anschaulichen Geschichten führt sie dann als temperamentvolle Vogtei-Besitzerin durch das herrliche Museum und gibt ihnen ein Gefühl davon, wie man vor 150 Jahren als Großfamilie auf solch einem Hof gelebt, gearbeitet, gegessen und gefeiert hat. Die **reich-**



**haltige Sammlung historischer Gegenstände** trägt natürlich auch einen großen Teil dazu bei. Bei schummrigen Kerzenschein sitzt die Testgruppe mit Elisabeth in der Küche, lauscht ihren Geschichten, ihrem Lachen, dem Knistern des Feuers im Herd und ihren Liedern aus früheren Zeiten... .

Neben der Thillenvogtei war die Testgruppe von Op der Schock noch im Obermartelinger Schiefermuseum, in der Useldinger Burg und in der Beckericher Mühle unterwegs. Auch hier haben die Guides mit unterschiedlichen Methoden gearbeitet, um alte Geschichte so verständlich als möglich darzustellen:

Im **Schiefermuseum** geben die riesigen Fotografien, das eigene Arbeiten am Schieferstein und auch die spannende Tour Unter Tage eine gute Vorstellung von der harten Arbeit der Bergleute wieder. Spannende und lustige Geschichten von **Agnes und Nico Hoogenhout** runden die Tour perfekt ab!

**Romain Kleer von den Useldinger Kultur- a Buergfrënn** bedient sich einer Begleitperson, der Handpuppe Ritter Robby, sowie mittelalterlichen Spielen, die er aus seinem magischen Rucksack befördert und damit den gewandeten Rittern und Burgfräuleins das Leben der unterschiedlichen Stände auf einer mittelalterlichen Burg näherbringt.

Und in der **Beckericher Mühle** hat die Testgruppe bei der Tour mit **Chahra Djennas** (mit freundlicher Unterstützung der legendären Millepätteren) vor allem im liebevoll eingerichteten Millemusée die Möglichkeit, sich etwas unter dem Alltag einer Müllerfamilie bzw. dem Leben auf dem Lande vorzustellen und verschiedenstes Handwerk und alte Technik kennenzulernen.

**Die 4 Touren wurden dann folgendermaßen mit den Teilnehmern der Testgruppe ausgewertet:**

- Gesprächsrunde: was war für Dich das Schönste, das weniger Schöne an der Tour heute?
- mündliche Wiedergabe über den Inhalt der Tour, um wirklich zu erfahren, was verstanden wurde und was eher unklar war
- Ausfüllen des Fragebogens (siehe oben)
- Möglichkeit, seine Erinnerungen, die Best-Ofs, Empfindungen, emotionale Erlebnisse darzustellen: ein Bild malen, eine Kollage mit Fotos des Sites machen; auch Pläne der Burganlage und kleine Geschichten wurden von den Touren und Erlebnissen geschrieben.

Die Guides bekamen von Op der Schock anschließend umfangreiches Feedback zu ihren Touren; zum Inhalt, zum Verständnis, zum Erzählen in der Leichten Sprache, zum Ablauf der Tour aber auch zur Zugänglichkeit der Orte. Außerdem wurde für jeden Anbieter ein Text in Leichter Sprache verfasst, welcher ihnen als Werbemittel dient.

Die 4 touristischen Sites können durch dieses Projekt nun professionelle Touren für Besucher mit intellektueller Beeinträchtigung in ihr **festes Angebotsprogramm** mit aufnehmen, die Expertengruppe von Op der Schock hat weitere wichtige Erfahrungen in diesem Bereich sammeln und ihr Wissen vertiefen können und bietet ihren Service nun ganzjährig in der Region bzw. im Land an, um **touristische Attraktionen** zu testen, zu beraten und zu verfeinern.



Bewusst Handeln am Westen

# WWW.GRINGGO.LU DE REGIONALEN ONLINE SHOP FREE HOME DELIVERY SERVICE!

Sécher vun doheem aus regional an nohalteg Produkter & Déngschtleeschungen aus dem Kanton Réiden akafen? Dat geet op [www.gringgo.lu](http://www.gringgo.lu)! Dir kritt är Commande innerhalb vum Réidener Kanton gratis heem geliwwert. Bezuele geet online oder bor, och gären a Beki bei der Liwwerung. Selbstverständlech ginn d'Hygienesmoossnahme respektéiert.

## Solidaresch shoppen?

Go for gring - Reegelméisseg komme neie Gringgo Produkter & Déngschtleeschungen eran.

## Froen zu Produkter?

Gringgo verschaaft Iech Duerchbléck am Dschungel vu Labels an Etiketten!



**Gringgo**  
6, Jos Seylerstrooss  
L-8522 Beckerich  
T 671 025 650 info@  
gringgo.lu  
[www.gringgo.lu](http://www.gringgo.lu)

### Faire ses achats en ligne en toute sécurité, des produits et des services du Canton de Redange?

Gringgo.lu! Gringgo vous offre la livraison dans le Canton de Redange.

Payez en ligne, en Beki ou en espèces, lors de la livraison de la commande tout en respectant les règles d'hygiène.

**Consommer solidaire?** Go for green (gring/vert) - découvrez régulièrement de nouveaux produits et services du Canton de Redange.

**Questions sur les produits?** Gringgo offre un aperçu clair dans la jungle d'étiquettes et de labels.



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Agriculture, de la Pêche  
et du Développement Rural



Fonds européens agricoles pour le développement rural:  
L'Europe investit dans les zones rurales.



# Unterstützung von Klimapaktgemeinden beim umweltfreundlichen Einkaufen

## Neue Gringgo Dienstleistung

Auch Gemeinden sind für die tägliche Funktionsweise auf den Einkauf von Produkten aus den unterschiedlichsten Bereichen angewiesen. Nach den Empfehlungen des Klimapakts sollen diese Einkäufe nach ökologischen und ethischen Richtlinien erfolgen. Leider haben die Gemeinden oft nicht die notwendigen Ressourcen um dies im Alltag sicherzustellen.

Ab sofort bietet Gringgo Gemeinden eine entsprechende Unterstützung an, welche auf folgenden Schwerpunkten beruht:

- gemeinsames Erstellen und regelmäßige Aktualisierung eines Kriterienkatalogs für den Einkauf nach ökologischen und ethischen Kriterien in den unterschiedlichen Produktbereichen
- Optimierung der Prozeduren zum Nachweis der konsequenten Umsetzung
- Erstellen einer jährlichen Bilanz, welche unter anderem als Nachweis beim Klimapakt genutzt werden kann

## Die Gringgo-Dienstleistung im Überblick

Die Vorgehensweise teilt sich in folgende Schritte und Leistungen auf:

### 1. Bestandsaufnahme und Erstellen eines Umsetzungskonzepts

Zusammen mit dem Klimapaktberater und den Verantwortlichen der jeweiligen Gemeinde werden folgende Punkte analysiert:

- > nach welchen Kriterien wird aktuell in den einzelnen Bereichen eingekauft?
- > wer ist für den Verkauf verantwortlich?
- > wo wird eingekauft?
- > wie sehen die nötigen Prozeduren aus?

Auf der Basis von dieser Bestandsaufnahme wird ein angepasstes Umsetzungskonzept erstellt:

- > wo können die bereits existierenden Kriterien ergänzt werden?
- > wie wird die interne Kommunikation mit den Mitarbeitern organisiert?
- > wie wird die externe Kommunikation mit den Lieferanten organisiert?
- > welche Bereiche werden von Gringgo abgedeckt?

### 2. Ablauf

- > Gringgo erhält von den Lieferanten die jährlichen Liefermengen mit Produktbeschreibungen
- > Gringgo überprüft diese Aufstellungen und notiert die Quantitäten und die Produkte in einer Datenbank
- > Am Ende des Jahres erstellt Gringgo einen Klimapaktbericht mit einer Jahresbilanz der Umsetzung
- > Im Jahresbericht werden, falls notwendig, neue Kriterien vorgeschlagen
- > Gringgo bietet eine permanente Hilfestellung, um bei der Aufstellung von zusätzlichen Kriterien zu helfen, beziehungsweise um die entsprechenden Lieferanten zu finden

Selbstverständlich können zusammen mit der Gemeinde von Gringgo auch Sensibilisierungsaktionen für die Bevölkerung geplant und organisiert werden, um zum Nachahmen aufzurufen.

## Interessiert?

Dann richten Sie sich für einen ersten Austausch an: Gringgo unterbreitet Ihnen dann gerne ein entsprechendes Angebot.

Interessant auch für Betriebe: Sie haben einen eigenen Betrieb, oder sind verantwortlich in einem Betrieb tätig?

Sie wollen schon länger den Betrieb beim Einkauf vom täglichen Bedarf an Betriebsmittel umweltfreundlicher gestalten, haben aber dafür keine Zeit?

**Fragen Sie Gringgo, wir können Ihnen diese Sorgen abnehmen!**





De Schäfferot vun der Gemeng Sëll: Jean-Paul Mousel (2. Schäffen), Jang Konsbruck (Buergermeeschter), Edmond Gengler (1. Schäffen)

## KLIMA-INTERVIEW GEMENG SËLL

Wat soen eis Gemenge-Responsabel zum Klimaschutz?



Gemeng Sëll



**KlimaPakt**  
meng Gemeng engagéiert sech



**Syndicat Intercommunal  
„De Réidener Kanton“**

Caroline Schmit & Stéphane Devillet  
Conseillers climat

43, Grand-Rue  
L-8510 Redange/Attert  
T 26 62 08 01 22  
klima@klima.lu  
www.klima.lu

**Als Politiker sidd Dir ee Virbild fir är Bierger. Wat maacht Dir am Alldag fir de Klimaschutz?**

**Jang Konsbruck:** Ech fueren all Dag mam Bus an d'Stad schaffen. Doheem versiche mir sou gutt et geet Verpackungen ze vermeiden, dowéinst gi mir och regelméisseg bei OUNI ([www.ouni.lu](http://www.ouni.lu)), den éischte verpackungsfreie Bio-Supermarché zu Lëtzebuerg, akafen. Mir kafe just Bioliewensmëttel a schaffe mat Wuespabéier am Plaz vu Plastikfolien.

A menger Fräizäit sinn ech Beienzüchter, produzieren nieft Hunneg och Hunnegdrëpp.

An iert ech et vergiessen, mir hëtzen mat enger Pelletsheizung, déi un eng thermesch Solaranlage ugeschloss ass.

**Jean-Paul Mousel:** Ech ginn ze Fouss op d'Aarbecht!

Mir hunn an d'Solar-Energie investéiert a produziere mat eiser Photovoltaik-Anlage méi Strom, wéi mir verbrauchen.

Mir verreesen net oft a wann da regional a „slow“. An der Vakanz si mir de ganzen Dag mam Vélo ënnerwee a genéissen d'Rou richtig.

Akafe maache mir just an der Regioun, dee ganzen onmoossegen Online-Shopping bréngt net just enormen Trafic mat sech, mee mécht och d'Produzenten an d'Geschäfter an eiser Regioun futti.



Fir mech ass et wichteg ressource-schounend mat eise Saachen ëmzegoen, also net ëmmer nei kafen, mee d'Saachen esou laang hale wéi et geet.

**Edmond Gengler:** Mir waren ee vun deenen éischten an der Gemeng, déi eng Photovoltaik-Anlag installéiere gelooss hunn. De Moment si mir och am gaangen ze kucke fir eis Anlag ze erwidere fir esou nach méi Stroum ze produzéieren.

Fir ewech vun de fossile Brennstoffe ze kommen, hu mir eng Holzhackschnitzel-Heizung agebaut.

Ech behale meng Kleeder meeschtens iwwer Joren. De Caleçon gétt awer natierlech regelméisseg gewäsch!

Dass ech an d'Vakanz ginn ass och seelen, léiwer verreisen ech an eisem schéine Ländchen.

### **Wéi sätzt Dir als Klimapakt-Sëlwer Gemeng Klimaschutz konkret an der Gemengepolitik ëm?**

Mir si besuergt eis Gemeng CO<sub>2</sub> neutral ze kréien. Dowéinst si mir u folgende Projeten am gaange mat schaffen:

- Eng Zentral-Heizung mat erneierbaren Energie fir eis Gemengegebaier vu Sëll
- Eng nei Photovoltaik-Anlag op eiser Maison Relais
- Eng weider Photovoltaik-Anlag op dem neie Gemengen-Atelier zu Schwebbech
- Eng autofräi Öko-Cité zu Schwebbech

Wëll an der kantonaler Etude, leider kee Wandpotenzial bei eis an der Gemeng fonnt gouf, hu mir Undeeler am kantonale Wandprojet kaf.

Do dernieft kafe mir als Gemeng permanent privat Bëscher op.

### **Wat maacht Dir fir är Bierger aus der Gemeng mat an d'Boot ze kréien?**

Och mir vergi Subside fir energiespuerend Elektrogeräter, Photovoltaik an thermesch Solaranlagen, souwéi fir Reewaasser-Anlagen.

Mir hunn een aktiivt Klimateam, hei gi vill innovativ Iddie gebuer an als Gemeng, versiche mir dës souwäit wéi méiglech ëmzesetzen.

Den edukative Volet am Klimaschutz läit eis um Häerz, dowéinst si mir ganz frou, wann eis Schoul bei Aktivitéite vun eisem Gemeinschaftsgaart, dem Energieatelier oder Sicona matmécht.

### **Wat sinn ärer Meenung no méiglech Léisunge fir Lëtzebuerg an der Klima-Politik?**

Firwat stellt eis national Politik di helleg Kou vum Wuesstem ni a Fro? De Wuesstem ass wierklech di nei Relioun vu



Lëtzebuerg ginn. Wëll mat deem Wuesstem erreeche mir eis Klima-Ziler net!

Alles gétt nach ëmmer an d'Stad gezunn am Plaz méi ze dezentaliséieren. Firwat maache mir net méi grouss Efforte fir d'Betribber an eise Gemengen ze behalen?

Di laang Instanze-Weeër missten onbedéngt gekierzt ginn: wann eng Persoun oder Gemeng eppes Guddes wëll ëmsetzen, dauert et vill ze laang. Dat decouragéiert definitiv.

Mir musse massiv a Solar-, Wandenergie a Biogas investéieren fir ewech vun de fossillen an atomaren Energiequellen ze kommen.

### **Wéi gesäit di ideal Welt aus an där de Mensch am Respekt mat senger Ëmwelt leeft?**

**Jang Konsbruck:** All kleng Geste zielt! Mir si gefuerdert fir no intelligente Weeër ze siche fir Fortschrëtt a Klimaschutz mateneen ze vereenen.

**Jean-Paul Mousel:** A mengen An geet et virun allem drëm fir am Aklang mat der Mënschheet ze liewen, wëll nëmmen da, kréie mir d'Problemer vun der Aarmut, vum Krich, Honger an Egoismus, vun de Mënscherechter a Migratioune geléist.

Mir liewen op enger Insel an Europa, awer fir d'Majoritéit vun de Mënschen, déi ënner ganz anere Konditioune liewen, geet ëm d'rengt Iwwerliewen. Bei hinne steet d'Ëmwelt net un éischer Plaz.

Réischt wa mir all dës Problemer geléist hunn, hu mir och eng Chance fir am Respekt mat eiser Ëmwelt ze liewen.

**Edmond Gengler:** Ech fannen et traureg, dass jidderee just nach no sech kuckt. Sech géigesäiteg hëllefen ass an eise Länner verluer gaangen. Genau esou wéi den deeglechen Austausch mat de Noperen a Leit aus dem Duerf. Mir sinn dauernd ënnerwee an hu keng Zäit méi fir op der Bänk virum Haus ze setzen a mat de Noperen ze schnëssen.

# KLIMAFRÉNDLECH AKTIVITÉITEN AN DER SÉLLER GEMENG

Les activités proposées ici tournent toutes autour du Ditzebierg, petite montagne au pied de laquelle se situent les villages de Saeul (est) et Calmus (ouest).

Sur le plateau du Ditzebierg se trouvait à l'époque un château-refuge. Aujourd'hui nous profitons de sa belle forêt et de sa géologie (grès du Luxem-

bourg) qui se prête parfaitement comme aquifère d'eau potable. L'eau issue de ses forages et ses sources approvisionne non seulement la commune de Saeul, mais également en partie les communes membres de la DEA (Distribution d'Eau des Ardennes).

## AP Saeul



Ce circuit contourne le Ditzebierg et offre quelques beaux points de vue sur la vallée du ruisseau Schwébech.

**Distance:** 8.7 km

**Difficulté:** moyen

**Point de départ:** Place de l'Eglise (14, rue principale 7470 Saeul)

**Plan:** <http://g-o.lu/3/LUQu>



## Circuits cyclables



### VTT

Deux circuits VTT sont balisés à partir du lavoir (Wäschbur) de Saeul. Ces circuits traversent non seulement la forêt de la commune de Saeul, mais aussi celle des communes de Boevange/Attert, Tuntange et Mersch.

**Distance:**

**S1:** 8 km (<http://g-o.lu/3/KnLa>)

**S2:** 19 km (<http://g-o.lu/3/hOAA>)

**Combinaison S1 + S2:** 28 km

**Difficulté:** moyen

**Point de Départ:** Lavoir (Wäschbur) sur la rue principale (N12 à l'extérieur du village en direction de Reichlange)

### Vélo de randonnée: Dällchen West Tour

Le Dällchen West Tour traverse la commune de Saeul entre Rippweiler et Useldange. Ce tour de 26 km vous emmène à travers les champs et pâturages de la Vallée de l'Attert. La majorité de cet itinéraire se fait sur des petits chemins vallonnées et offre des vues splendides sur la région. A Useldange, profitez de faire le circuit didactique du Château fort!

Le point de départ peut être librement choisi: Schwebach, Rippweiler, Reimberg, Useldange, Boevange...

Cherchez la plaquette du Dällchen West Tour et suivez les panneaux avec la plaquette turquoise attachée.



## Fitnessparcours „Ditzeberg“

Trois circuits pédestres de longueurs différentes sont balisés dans la forêt du Ditzeberg. Leur point de départ est le parking du lavoir (Wäschbur) sur la Rue Principale (N12) à la sortie du village direction Reichlange. Cependant, ces circuits sont en train d'être remanié et seront changés prochainement.

**Distance:**

- 1.5 km
- 5.4 km
- 9.6 km

**Difficulté:**

- facile
- moyen
- moyen

**Point de Départ:**

Lavoir (Wäschbur) dans la rue principale (N12) à l'extérieur du village en direction de Reichlange)

**Plan:** <https://www.saeul.lu/fr/tourisme-et-loisirs/parcours-fitness>



Source: Michèle Scheitler

## Themewee



Source: Michèle Scheitler

### Gemeng Sëll fréier an haut

La Commune de Saeul est en train de développer un circuit thématique sur l'histoire de la Commune. Avec des panneaux affichant des photos d'autrefois, le visiteur aura la possibilité de se plonger dans la vie d'autant.

Ce circuit thématique sera finalisé dans la deuxième moitié de 2020.

## D'Geschicht vun der décker Eech

Jidderee vun eis ass schonn x-mol laanscht dës gigantesch Eech gefuer. A bestëmmt hu Dir Iech scho mol gefrot, wéi al dës wuel soll sinn!

Wéi de Mozart gebuer gouf, hat d'Eech schonn 15 Joer! A wéi di franséisch Revolutioun ausgebrach ass, hat d'Eech scho 50 Joer! Zu där Zäit hat d'Maria Theresia vun Habsburg d'Soen hei zu Lëtzebuerg.

Den Alter vun der Eech gëtt nämlech op **280 Joer** geschat. Fréier stoung dës Eech awer net esou eleng do, mee hat 6 aner Eechen ëm sech. Ënnert dëser Eeche-Famill gouf deemools ee Maart organiséiert, wou d'Awunner aus der Ëmgéigend sech zesumme fonnt hunn fir hier Alldagssaachen ze kafen a verkafen.

Dës Eech ass di **3. gréissten** aus Lëtzebuerg an ass klasséiert.

Wann dës Bam schwätze kënn, wat hätt dee vill Geschichten ze zielen!!

## Concours



Schéckt eis är Geschicht iwwert d'Eech op [klima@klima.lu](mailto:klima@klima.lu) oder 43, Grand-Rue 8510 Réiden eran!

Ze gewannen, gëtt et eng super Leinwand-Foto (60 x 45cm) vun dësem Giganten.



Gemeng Sëll

Syndicat Intercommunal „De Réidener Kanton“

Caroline Schmit & Stéphane Devillet  
Conseillers climat

43, Grand-Rue - L-8510 Redange/Attert  
T 26 62 08 01 22 - [klima@klima.lu](mailto:klima@klima.lu) - [www.klima.lu](http://www.klima.lu)

# MAM VËLO AN DEN ALR

No de groussen Erfolleger vun eiser Aktioun „Mam Vëlo an den ALR“ déi lescht Joren, kënne mer déi Aktioun dëst Joer leider nit ubidden, an deemno hei och keng Detailer an Neiegkeeten zu der Aktioun vun dësem Joer ukënnegen.




Atert Lycée Réiden  
1. rue du Lycée  
L-8508 Redange/Attert  
T 26 62 32-100  
secretariat@alr.lu  
www.alr.lu

Trotzdem encouragéiere mer all Schüler natierlech och dëst Joer weiderhi mam Vëlo an d'Schoul ze fueren. Grad lo wou d'Wieder erëm dozou aluet, an et wichtig ass sech an dëser Zäit ze beweegen an domat kierperlech fit a gesond ze bleiwen, mécht dat duebel Spaass.

Wéinst der aktueller Situatioun ass et wichtig, dass een nitt an der Grupp fiert, sou ass de Mindestofstand vun 2 m och garantéiert, an och d'Droe vun engem Mondschutz dowéinst nit noutwendeg.

Vergiess däin Helm an de Sonnebrëll nit, an da lass op de Vëlo. Looss et rullen!

**Bleif fit a gesond, bewege dech!**





# MOBILITY NEWS

# NEIT BUS-NETZ

Wéi Dir vläicht scho mat krut, schafft de Mobilitéitsministère un engem neie Busnetz. All d'Linnen, d'Fahrpläng an d'Strecke gi komplett nei ausgeluecht. De Mobilitéitsminister François Bausch ass de 6. Februar mat senger Ekipp bei eis op Réiden dat neit Netz fir eis Regioun virstelle komm.



Am Virfeld vun dëser Info-Versammlung, hunn di 10 Gemenge vum Réidener Kanton am Numm vum Syndikat ee gemeinsamen Avis zum 1. Entworf vum neien RGTR-Netz erageschéckt. De Gros vun dëse Punkte gouf am 2. Entworf iwverholl, deen de Minister François Bausch de 6. Februar zu Réiden virgestallt huet.

Hei de leschte Stand fir Iech zesumme gefaast:

### **Wéini gëtt dat neit Netz ëmgesat?**

Dat neit Bus-Netz wäert an eiser Regioun réischt Enn 2021 ëmgesat ginn. Di landeswäit Ëmsetzung fänkt Métt 2021 am Osten un an erreecht eis Regioun réischt eng 6 Méint méi spéit.

### **Wat bréngt dat neit Bus-Netz?**


